



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vum Här Aussen- an Europaminister op d'parlamentaresch Fro n°6271 vum honorabelen Deputéierte Fred KEUP

Ad 1)

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 3658 schonn erkläert gouf, gëtt de Walziedel vun engem Lëtzebuurger deen am Ausland wunnt direkt un de Walbüro vun der zoustänneger Gemeng geschéckt. D'Regierung huet also kéng Kenntnis dovunner wéivill vun de betraffene Persounen effektiv och gewielt hunn.

Ad 2) an 3)

Wéi och schonn an der uewen zitierter Äntwert erwänt, ass et net méiglech anzeschätzen awéifern déi offiziell Zuel vu Lëtzebuurger Statsbierger der reeller Zuel entsprécht. Genau sou ass déi an der parlamentarescher Fro opgeféiert Berechnung reng spekulativ an duerch déi nämlecht Grënn net ze iwwerpräiwen, respektiv ze korrigéieren.

Et ass och drun ze erënneren dass d'Lëtzebuurger déi am Ausland wunnen laut dem Walgesetz net verpflichtet sinn ze wielen mee fräiwëlleg entscheede kennen ob si per Bréifwal un de Walen wëllen deelhuefen.

Ad 4)

Fir d'Lëtzebuurger déi zu Lëtzebuerg wunnen gëllen d'Dispositiounen iwwert d'Walflicht. Dësweideren verweise mir nach eng Kéier op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 3658 an där duergeluegt gouf, dass eng Campagne fir méi Lëtzebuurger déi am Ausland wunnen zum Wielen ze motivéieren, schwéier ze realiséieren ass.

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL